

Familiestherapeuse

Band N° 155.

Den Hunn

(E löschtege Stodèntestrêch)

Loschtspil an 2 Akten

vum

N. WARKER

Musek vum S. Bungert



1935

Drock a Verlâg vum P. WORRÉ - MERTENS
Letzebûrg

DEN HUNN

Wiérker an onsem Dialèkt vum N. WARKER.

- Hiérschtbliéder.** Lidder a Gedichter. (1907) 8.00 Fr.
Den Hèrrgott an den Noé. Komescht Gedicht. (1908)
Vergraffi.
- De Spilmann Veit vun Léchternach.** Gedicht (1908).
Vergraffi.
- Op Niklôsdâg. — Dem ale Fiéschter sei Bittgank.** Zwê Gedichter. (1908). Vergraffi.
- Eng Straßchen Hêmechtsblummen.** Gedichter (1912)
Vergraffi.
- Eng zwêt Straßchen Hêmechtsblummen.** Gedichter. (1913) Vergraffi.
- De Mêschter Schuowert.** Loschtspil an 3 Akten. — Musek vum S. Bungert. (1921)
- De Bruddermiérder vu Bongeref oder Den Urspronk vun der Wolwener Klaus.** Volks- a Rittersteck aus dem 14. Johrhonnert a 5 Akten. — Musek vum S. Bungert. (1922)
- De Baltes vum Bichenhaff.** Volkssteck a 4 Akten. Zwêt Oplo. — Musek vum S. Bungert. (1922).
- De lèschte Ritter vu Seymerech.** Ritter- a Volkssteck aus dem 11. Johrhonnert a 5 Akten. — Musek vum S. Bungert. (1924)
- De Mononk Bénes.** Loschtspil an 3 Akten. — Musek vum S. Bungert. (1925)
- 't Livia.** Trauerspil aus der Zeit vun der Kreschteverfolgong zu Tréier am Johr 286 a 5 Akten. — Musek vum S. Bungert. (1927).
- Den Hunn.** E löschtege Studéntestrêch. Loschtspill an 2 Akten. — Musek vum S. Bungert. (1935).

Am Drock :

- Kandsléift oder 't Vergissmeinnicht vum Mammegrâf.** Volks- an Zaldotesteck a 5 Akten. Zwêt verbessert Oplo. — Musek vum S. Bungert.

Den Hunn

(E löschtege Stodèntestrêch)

Loschtspil an 2 Akten

vum

N. WARKER

Musek vum S. Bungert

1935

Drock a Verlâg vum P. WORRÉ - MERTENS
Letzeburg

Êgentom. *)

All Rèchter vum Dichter vîrbehâl.

Fir d'Spil- oder d'Iwersètzongsberèchtegong as *d'schreft-lech* Erlâbnes vum Dichter sèlwer erfuordert.

Géint onberèchtegt Spillen an Iwersètzen, géint onberèchtegt Ofschreiwe vun Tèxt, Musek a. s. w. get no dem Strôfgesètz verfuohr an zugleich get Usproch op Schuodenersaz erhuof.

All Ufroe sin un de Verlâg P. Worré-Mertens, Letzebûrg, ze rîchten.

PERSOUNEN.

Dores, e Stodènt.

Fèrd, e Stodènt.

Léin, eng Wîrtsfra.

Babeléi, eng Paschtoueschkächen.

Quiéreng, e Messagé.

Wibbelchen, en Handelsschnèdder.

Jochem, e Paschtouer.


Aluis, e jonge Gêschtlechen a réimeschen Dokter,
dem Jochem sein Newéi.

Kathrinéi, ent klèngt Médchen.

Spilzeit: Spéid nomettes am Summer.

Spilplaz: Ent Duorf am Eislek: I. Akt. *Eng Wîrtsstuff;*
II. Akt. *An Zêren.*

*) Bei all groußen Ufanksbuchstâf, op diém menger Schreib-règel no en Accènt néideg gewiéscht wiér, as den Accènt wént Manktem un Dröckerzêchen ennerblief.



I. Akt.

Eng Wirtsstuff. De Comptoir stêht an der Mett lânscht d'Hannerwand. A gidfer Seitewand as eng Fenster. Den Agank as an der Hannerwand, rèchts) vum Comptoir. Tescht dem Comptoir an de Fenstere stin der Längt no vun der Hannerwand no vir Descher. Op dem Desch rèchts leit eng Zeitong an zwê èggel Gliéser stin drop.*

1. Optrett.

Dores. Fèrd. (Se mâchen un dem Desch lenks eng Partie Pikéit. Gidferén huot e stèngen Humpe Béier bei sech stouhn. Hir Rucksäck a Kaben hänken um Nôl.) — Léin. (Et dréit d'Gliéser vum Desch rèchts op de Comptoir, botzt dann den Desch ôf, schwènkt d'Gliéser, stèllt se op hir Plaz, botzt hei an do èppes mam Duch ôf, kuckt alt emol durch d'Rauten an der rèchter Seitewand op d'Gaß a. s. v.)

*Dores. Wi as et, Fèrd? Bas de fiérdeg mat Ekartéiren?
Fèrd. Et as geschit.*

Dores. (An èngems dat hen als zwêt Hand seng drei Kârten ophiéft a bekuckt:) Non dicas! — Neisch! — Wètten, du huos alles.

Fèrd. Wis de sés. Quinte et quatorze mecht véieranneinzeg. (An èngems dat hen op d'Lé kuckt:) Honnert fönnefasiéczeg a véieranneinzeg as zwêhonnert ningafofzeg. Aha! Hun ech dech krît, Dores! (He lét seng Kârt ausernên op den Desch.)

**) Lenks a rèchts vum Spiller.*

Dores. (*An èngems dat hen dem Fèrd seng Kårt bekuckt a seng dann zasuomen op den Desch lét:*) Da! — Abé, am Ufank hätt ech nit geduocht, dass de d'Belle géifs gewannen.

Fèrd. (*An èngems dat he sei Patt usètz:*) Drenk aus, dann huole mer nach ên. Ech muss dach och ê gin. Gesonthêt! (*Hen drenkt aus.*)

Dores. Prôst! (*Hen drenkt aus.*)

Fèrd. (*Zum Léin:*) Madame, get ons, wann iéch gelift, nach eng Turnéi!

Léin. (*An èngems dat et mat enger Fläsch Béier kömmt an ausschènkt:*) Wi fannt der de Béier, dir Hêren? Schmâcht hen?

Fèrd. Ganz gudd, Madame, zemôl hott de Metteg, wou et esou éschtlech wârm as.

Dores. Mir âl Stodènte sin nach zimlech glott a verwint, fir wat de Béier ugêht; ower diérs do géif ê giér seint Liéwe lâng drenken.

Léin. (*Wann et ausgeschènkt huot:*) Sou, dir Hêren! Gesonthêt!

Fèrd an Dores. (*Zugleich:*) Merci, Madame.

Léin. Spilt der nit méih?

Fèrd. Mer si fiérdeg.

Léin. Da loß ech 't Spil alt mathuolen. (*Et lét d'Kârten an d'Kreid op d'Lé an dréit alles mat der Fläsch han ner de Comptoir.*)

Dores. Wivil si mer an êrer Schold?

Léin. (*Am Gouhn an am Kommen:*) Der hut âcht Humpen zasuomen.

Fèrd. Dovu sin déi zwéi lèscht fir mech. Mei Frend huot déi aner verspilt.

Léin. (*Zum Dores:*) Oho, hut der verspilt, Hêr? Da gêht et alt eng aner Kéiher bësser. Et kann ê jo nit emmer gewannen.

Dores. Dât stemmt.

Léin. (*Zum Fèrd:*) Dann hut dir zwéin Humpen, dât mecht âcht Su; eng Koppel Er an eng Schmiér; dât sin der och âcht; am ganzen siéchzing Su.

Fèrd. Dât as 't Gèld nach nit all. (*Hen zit sei Portemonnéi, fir ze bezuohlen, a lét d'Suen op den Desch.*)

Léin. (Zum Dores:) An dir, Hêr, dir hut fir véieranzwanzeg Su.

Dores. (*An èngems dat hen de Portemonnéi zit, fir ze bezuohlen, an d'Suen op den Desch lét:*) Ech kommen nach belleg ewèg, bal sou belleg wis du, Fèrd.

Fèrd. Du huos och keng Er giéß.

Dores. D'Er soe mer hott neischt; ower no engem gebrodenen Hinche géif ech nach ewèl gelöschten.

Léin. (*Wi verwonnert:*) Et as nit wouher! Ma hätt ech dât geschter gewosst! Ech hât sou e schéinen Hunn, e jonge fêtten Hunn. Ech hun dem Hêr Paschtouer senger Kächen he geloß. Den Hêr krit hott sein Newéi fir e puor Wochen op Besuch. Oh jo, et war ent schéint Déier! Ech hun de Muorge gângs an uocht gehol, dat all meng Hinger getrauert hun, wèl he fort war. Ower d'Kächen hât mer keng Rouh geloß, an ech hu missen nogen. Kuckt, dem Hêr sein Newéi kömmt vu Roum; an onse Paschtouer, den Hêr Jochem, as esou e gudde Mann, dat ên hem giér eng Pleséir mecht.

Fèrd. Der hut wuohl gedou, Madame. E brawen Hêr as ent Gleck fir 't ganz Duoref. Wann iéch gelift, hei si meng siéchzing Su! (*He weist mat der Hand drop.*)

Dores. An hei si meng véieranzwanzeg! (*He weist drop.*)

Léin. (*An èngems dat et 't Gèld ziéhlt an dann an d'Hand hölt:*) Sou as et ganz richteg. Merci, dir Hêren! (*Et dréit d'Fläsch hanner de Comptoir, lét d'Suen an d'Théik a gêht dann ôf.*)

Iwerdiém schwätzen de Fèrd an den Dores virun.

2. Optrett.

Dores. Fèrd.

Dores. (*He schockt mam Fèrd:*) Prôst, Fèrd!

Fèrd. (Am Schocken:) Gesonthêt, Dores!
Se drenken.

Fèrd. Elo get et Zeit, dat ech mech op de Wé mâchen.

(*Kuckt op seng Auer.*) Scho bal fönnef Auer!
Dores. Wi weit huos de nach?
Fèrd. Zwou gudder Stonnen.
Dores. Sou weit wi ech.
Fèrd. Ennerwé muss ech nach eng Matant besiche gouhn.

3. Optrett.

Léin. — *Dores. Fèrd.*

Léin. (*Am Erakommen zum Dores:*) Elo kömmt de Quiéreng. Hen hält dobauße mat dem Wôn. Da kann ech iéch vleicht èppes fir z'iéße mâchen.
Dores. Wién as dât de Quiéreng?
Léin. (*Verwonnert:*) Kènnt dir de Quiéreng nit, de Mesagé? Ma gidfer Kand am Eislek kènnt de Quiéreng.
Fèrd. (*Am Lâchen:*) Mir sin och kèng Kanner méih.
Léin. Gewess! Ower de Quiéreng as dach iwerall bekannt wi e schlèchte Su. Nu loß mer soen, dir sit friém am Duoref; an 't Hépst as, dass de Quiéreng èppes matbrengt, dât dem Hêr do (*Et weist op den Dores.*) zousét.

4. Optrett.

Quiéreng. (*Mat der Gêbel an der Hand. Hen huot eng graff Stemm.*) — *Léin. Dores. Fèrd.*
Quiéreng. (*Am Erakommen:*) Bejûr, dir Hêren! Bejûr, Léin! (*He stèllt sech bei de Comptoir.*)
Dores a Fèrd. (*Zugleich:*) Bonjour!
Léin. Bejûr, Quiéreng! Wat get et?
Quiéreng. Eng Frûcht, wann iéch gelift.
Léin. (*An èngems dat et eng Dröpp op dem Comptoir ausschénkt:*) Gesonthêt, Quiéreng!
Quiéreng. Merci, Léin! (*Hen drenkt.*)
Léin. Sôt, Quiéreng, hut der meng Kommissioun matbruocht?

Quiéreng. Et war kèn Hämmelsbrôd néirens ze fannen.
Ech hun all Mètzleschbuteker ausgeklappt.

Léin. Em Gotteswellen! Wat sin dât mer fir Mètzler!
Nit emol op den hèlle Mettwoch Hämmelflêsch ze hun.

Quiéreng. Randflêsch, Kallefflêsch, Schwengeflêsch souguor, an och Hämmelflêsch war genug do, ower kèn Hämmelsbrôd. Der verstit, Léin, all Hammel huot diér nemmen zwéin. Déi aner Lèd iéßen och alt emol giér e rènge Maifelchen; an dann as et mat den Hämmelsbrode geschwe bei de Mètzler gedou.

Léin. A wat huot der mer dann derfir an d'Plaz bruocht?

Quiéreng. Neischt, glât neischt.

Léin. O du mei Gott a mein Hêr! — Wat gin ech ufänken? D'ganz Woch kënt Flêsch am Haus ze hun! (*Et weist op den Dores:*) An den Hêr do hätt vleicht giér....

Dores. Eng Hämmelskotlètt oder e Biftèck hätt ech nit versôt.

Léin. Gesit der, Quiéreng! Oh, wi onverstänneg sit der gewiéscht? Der sit dach soss nit esou.

Quiéreng. Dir sit et sèlwer an der Schold, Léin.

Fèrd. Dât wiér dach korjéiß.

Léin. (*Verwonnert:*) Ech wiér es an der Schold?

Quiéreng. Jo, dir sèlwer. (*Zum Fèrd an zum Dores:*) Lauschtbert, dir Hêren, an da sôt der, ob ech rècht hun oder nit. — Et sin elo drei Johr, du sôt d'Madame, ech sollt her véier Kilo réih Zoßis matbrengen. Et war ower kèng ze kréien. Ech duocht, 't Léin kann ower nit mat neischt an der Wîrtschaft sin, an hun, aplaz Zoßis, âcht Mètter Treip matbruocht.

Dores. Dât war kè klènge Koup.

Fèrd. Domat hätt ê bal de ganze Kontingènt fiddere können.

Quiéreng. A wat hätten déi Kiérle geschmunzt, wa se d'Treip krît hätten!

Léin. (*Zum Quiéreng:*) Dir hätt dât och nit braichen ze verziéhlen. Ech hât et scho lâng vergiéß.

Quiéreng. Ech over nit. Ech hun e gudde Verhalt; an e gudden Iésel stéißt sech alt êmol, over keng zwêmol.
Dores. Wi as et duorno gâng?

Fèrd. Dât as eng ganz intrèssant Geschicht.

Quiéreng. Abé, d'Madame huot mer d'Treip op dem Leif geloß. Véierzing Dég lâng hun ech mat Fra a Kanner dru misse baffen, fir alles ewèg ze kréien.

Fèrd. Dât war keng klèng Arbecht.

Quiéreng. Ech sin es Bîrg. Ent Gleck, dat et nit an de Fâschte war!

Dores. An as et iéch nit ongemällech bei der Affär gin?

Quiéreng. Am Ufank huot ên alt gemèngt, et wiér ên op der Kîrmes; over — — (*He géht bis bei d'Fenster rechts, kuckt durch d'Rauten a sét:*) Der Donneker wêß, wat dât as! De Gaul stêht nit; he get ongedölleg.

Dores. He recht de Stall.

Quiéreng. (*Zum Léin:*) Ech bezuhlen eng aner Kéiher, Léin. Ech muss gouhn. (*Of.*)

Léin: 't As gudd, Quiéreng.

5. Optrett.

Léin. Dores. Fèrd.

Léin. De Quiéreng verziéhlt nit giér de Rèscht. Hié sèlwer hât sech es am mëschte gin an huot den Dokter misse komme loßen. (*Et schwènkt dem Quiéreng seint Glâs aus a stèllt et op seng Plaz.*)

Fèrd. Dann huot he sech duorfir sou hûrteg durch d'Peif gemäht.

Dores. 't War dât Gescheitst, wat he mâche konnt.

Léin. (*Am Ofgouhn:*) Naturelech! Ower dât muss ên hem loßen, et as e gudde Mann.

6. Optrett.

Dores. Fèrd. — Um Enn 't Léin.

Dores. Dât war alt esou eng Spicht, déi 't Léin dem Quiéreng ongewollt gespilt huot.

Fèrd. Se war an allem Fall nit sou gescheit a rèng wi déi manst vun allen, déis du op der Uniwersitéit gelifwert huos.

Dores. A soen, dat ên elo sei Muttwell muss si loßen, dat ê rouheg a verstånneg muss gi wi e gewéihnekleche Spéißbîrger. Oh, du löschtег Stodèntenzzeit, du bas verbei! — An ower juckt et mech um ganze Leif, ech wêß et, fir eng ze stîchten, wann d'Geléenhêt sech fönnt. Ech könnt mech nit enthalen.

Fèrd. A wat wiér dann och nach, wa se gudd gespilt an nit béis gemèngt as? Neischt, glât neischt! Ower ech gesin, et get Zeit, dat ech gin. (*He schnallt sei Rucksak op de Bockel, dêt d'Kâp op a mecht sech prêt fir ze gouhn.*)

Dores. Um wivil Auer dènks de dohêm se zin?

Fèrd. Um âcht, wann ech mech nit ze lâng bei der Matant ophalen. Ech hu gudde Wé, bal emmer gleich. An du? Gêhs du nach nit? (*Hen hält sein Humpen an d'Hand.*)

Dores. Ech hu vil Biérg. Ech wârden nach e Sträppchen, bis déi mêscht Hetzt veriwer as. (*Hen hält sein Humpen an d'Hand a stêht op.*)

Allebéid. (*Mam Humpen an der Hand. Se sangen zesuomen:*)

Onst schéint Stodènteliéwen,
Et as, et as um Enn.
Mer rêchen ons beim Schêden
An treier Frendschaft d'Hänn.

Mir âl Stodènte bleiwen
Als Fren zu jidder Stonn
Am Liéwen ê mam aner
Zu jidder Stonn verbonn.

Déi èng, déi gi Profèsser,
Déi aner Affekôt,
An Notär, Ingenéier,
An Dokter an Zaldôt.

A giéren dènkt ê spéider,
Wi 't Liéwe sech och wènnt,
Oft un déi löschtег Johren,
Wi ên nach war Stodènt.

Allebéid. (Am Schocken:) Prôst! Op vil Gleck spéider am Liéwen! (Se drenken allebéid aus a sètzen den Humpen op den Desch.)

Iwerdiém kömmt 't Léin a stèllt sech hanner de Comptoir.

Fèrd. (An èngems dat hen dem Dores d'Hand get:) Dajé, Dores, ech gin. Bis muor iwer véierzing Dég, da kommen·ech dech besichen, wi gesôt.

Dores. Gudd, Fèrd! Ech erwârden dech bestemmt a mat vil Fréd.

Fèrd an Dores. (Zugleich:) Arwoar! Arwoar!

Fèrd. (Am Fortgouhn:) Komm gudd hêm, Dores! (Zum Léin:) Ädéi, Madame! (Of.)

Dores. Merci! du och, Fèrd!

Léin. Ädéi, Hêr!

7. Optrett.

Léin, Dores.

Dores. (An èngems dat he sech erem op seng Platz sètzt:) Madame, get mer nach en Humpen, wann iéch gelift!

Léin. (An èngems dat et mat der Fläsch kömmt an ausschenkt:) Ganz giér, jongen Hêr. Bei diém wärme Wiéder as dach neischt iwer gudde fresche Béier. Gesonthêt, Hêr! (Et gêht erem hanner de Comptoir.)

Dores. Merci, Madame.

Léin. Der hut elo éinescht esou schéi gesong. Dât war eng aner Gei, as wi wann de Quiéreng mat dem Lid vun der Mumm Aneleis ufänkt.

Dores. Et sengt ê, wi ê kann. A propos, Madame, hut der nit eng Zeitong, fir ze liésen?

Léin. Dach, Hêr. (An èngems dat et dem Dores d'Zeitung vum Desch rèchts bringt:) Hei as déi allerlèscht.

Dores. Merci, Madame. (He mecht d'Zeitung op a kuckt dran.)

Léin. (An èngems dat et e puor aner Zeitungen hanner de Comptoir huole gêht a virun den Dores lét:) An

hei sin nach e puor aher Numeroen, wann déi iéch intrésséire können.

Dores. Danken. Dât gesin ech elo gleich. (*An èngems dat hen d'Zeitongan hûrteg der Reih no iwerkuckt:*) Do hun ech Zeitverdreif genug.

Léin. (*An èngems dat et durch d'Fenster rèchts kuckt:*) Dohannen as d'Joffer Babeléi, dem Hêr seng Kächen, déi mer den Hunn ôfgegotzelt huot.

Dores. Der musst her es nit duorfir wöllen. Mei Groußpapp getréischt sôt emmer, wann hem èppes nit an de Blei as gâng: «A Gottes Namen! Wié wêß, fir wat as et gudd as!» A mat diém Sproch as hen emmer gudd duorkomm. — Kömmt d'Kächen hiér an 't Haus?

Léin. Ech wêß et nit. Se schwätzt mat dem Koschter senger Fra. Wa se um Babbelen as, da wêß ên nit, wéini as se ophält.

Dores. (*An èngems dat he mat der Zeitong an der Hand bis bei d'Fenster gêht:*) Loßt kucken!

Léin. (*Et weist mat dem Fanger:*) Dohannen, gesit der, déi mat der weißen Hauf, dât as se.

Dores. Et schengt mer eng propper Persoun ze sin. (*He gêht méih bis an d'Mett vun der Zén.*)

Léin. Propper as se wi en neie Su, ower e bess'chen topeg am Schwätzen. (*An èngems dat et durch d'Raute kuckt:*) Ech gesin, se kömmt dach hiér an 't Haus.) (*Et kuckt emmer durch d'Fenster, a kéihert sech em, wann et schwätzt.*)

Dores. (*An èngems dat he sech tescht den Desch lenks an de Comptoir sètzet:*) Da loßt ech mech alt hiér sètzen, da get emol geliés. (*Zur Seit an an èngems dat hen ent Lach an d'Zeitong mecht:*) A wann d'Kächen hiér an d'Stuff kömmt, da get se durch d'Zeitong obserwéiert. (*Wann 't Babeléi da as, hält hen d'Zeitong emmer virun 't Gesicht, fir dat he vun der Kächen nit kann erkannt gin.*)

Léin. (*Kéihert sech em:*) Loßt iéch d'Zeit nit lâng gin. Geschter war en Hêr hei, dié sôt, wi hen d'Zeitong

gefrôt huot: «Et as korjéiß, et hölt en de Journal an d'Hand, wann ên och wêß, dat neischt dran as.

Dores. Domat hât he rècht; wèl ouhni dât könnte vil Käbesbliéder nit bestouhn.

8. Optrett.

Babeléi. — Dores. Léin (Hanner dem Comptoir).

Babeléi. (Am Erakommen:) Bejûr, Léin! (Et bleift rèchts beim Comptoir stouhn.).)

Léin. Bejûr, Joffer Babeléi! Wat get Neis? As den Hêr nach nit do mat dem Newéi?

Babeléi. Nach nit. D'Zeit get mer lâng, bis se kommen. Ower sôt, Léin, wat e schéinen Hunn! Dié war emol gudd gefiddert gin! E wahre Stôt, wann ên hen op dem Plättel geseit!

Léin. Ech mènge wuohl. Op enger Ausstèllong hätt he sicher den éischte Preiß vun allen Eisleker Hunne krît. A wann dir et nit gewiéscht wiért, dann hätt ech he fir keng Wèlt a kè Preiß ewèg gin.

Babeléi. Ech wêß et, Léin. Mer sin iéch och groußen Dank schölleg, den Hêr an ech; wèl der verstit, wann ên esou e feinen a léiwe Besuch krit, zemol ên, dié vun esou weit kömmt, da muss ên och seint Bèscht beim éischten Iéßen dun. Ech zerwéiren den Hun kâl.

Léin. Wi hêscbt dem Hêr sein Newéi êgentlech?

Babeléi. Hen hêscbt Jochem wi den Hêr. Et as sengem Brudder, dié vir èppes zing Johr als Bûrgemêschter vu Weiswampech gestuorf as, sei Jong.

Léin. A sei klèngen Nuom?

Babeléi. Dién as Aluis.

Léin. A wi geseit hen aus? As et e schéine Mânsmensch?

Babeléi. Dât wêß ech nit. Ech hun hen nie gesin.

Léin. Dréit he schon d'Klêder?

Babeléi. Ech mèngen es! Hen as jo gêschtlech an nach ewèl réimeschen Dokter derbei. Hen huot am Collégium germanicum zu Roum stodéiert.

Léin. Wi? — Dokter, sôt der? — Fir déi krank Lèd si jo d'wèltlech Doktren do. E Landgêschtlechen hèlft alt am Noutfall mat enger klènger Hausapdekt, wi den Hêr Jochem èng huot.

Babeléi. Den Hêr Aluis as och kèn esou en Dokter.

Léin. A wat fir ên as et dann?

Babeléi. Onsen Hêr sôt, dât wiér nemmen en Titel a géif sou vil hêscbe wi Gescheiten enner de Gescheiten. A fir dass dién Titel lâng duorhält, kréie se hen nit op gewéihnekleche Pobeier, ma op ent Steck Iéselshaut oder Pèrgemènt geschrief. Dènkt iéch, Léin, wat eng grouß Eiher dié Besuch fir onst Hêrenhaus an d'ganz Pôr bedeit!

Léin. Abé, Joffer, onsen Hêr Jochem as nit Dokter; hen as ower gescheit genug, fir ons einfach Lèd yum Duo-ref an den Himmel ze kréien; a méih brengt sou en Dokter mat enger Iéselshaut dach och nit fiérdeg.

Babeléi. Dât as wouher; an ower as onsen Hêr nit emmer grad, wi he sollt sin. Ech kommen nit emmer mat hem zu Strêch. Nach 't lèscht hun ech mech baloud iwer he geièrgert, wèl hen den ârme Lèd alles get. A wesst der, wat he mer du geäntwert huot? — «Jéjé, siéft rouheg, Kächen! Dât as alles neischt. Mâcht dir nemmen, dat iéch de Brôd nit eng Kéiher aus dem Döppen gemaust get!» War dât erlâbt, fir mir sou èppes ze soen? Ech loße mer neischt mausen, duorfir sin ech nit domm genug.

Léin. Och, dât sin jo nemmen Efällegkête!

Babeléi. Dir mèngt dât. Géif et iéch dann nit verdréißen, wann der êrt Bèscht mâcht, an et geréidt iéch och alles, fir den Hêr zefriden ze stêllen, an dann hêscbt et: «Dât as jo alles nit néideg, Kächen! Mâcht alles einfach, èrem Gescheck no a spuort iéch déi vil Méih!»

Léin. Dât as jo schéi vum Hêr. Hen erkènnt êre gudde Well a wellt iéch all onnéideg Arbecht spuoren.

Babeléi. Abé, mir gêht dât nit; an ech si frouh, wann ech mech mat dem Hêr Dokter Newéi emol zerguddst auszeschwätze kréien. An èppes, dât mer guor nit gêht,

dât as, dat he méih op onse Kulles, den Hêr Kulles, wi hié sét, an op onse Kanari hält, as wi op mech. Diéne mecht he vil méih Komplimènte wi mir; a wa se èng bedreiwen, da lâcht hen.

Dores. (Hen hèmst eng Kéiher hanner dem Journal:)
Hem!

Babeléi. (An èngems dat et op den Dores weist, luos:)
Wién as dât?

Léin. Kê vun hei. Hen as friém. — A wéini sollen êr Hêre kommen?

Babeléi. An ènger Stonn, sou em sèchs Auer solle se do sin; ower wann onsen ennerwé bei dem Hêr am Dal akéihert, fir sein Newéi vîrzestèllen, da get um Enn de Schoulmêschter fir eng Partie Mensch geruff, an da bleiwe se pechen; wèl onsen Hêr as op d'Kârte wi versiéß, an esou kann et spéid gin, éiher se kommen. —Nu loß ech goen; an nach eng Kéiher vilmol merci fir den Hunn. (*Of.*)

Léin. (An èngems dat et mat dem Babeléi gêht:) Et as neischt, Joffer. (*Of.*)

9. Optrett.

Dores. (He lét de Journal op den Desch.)

Dores. Huot déi och misse kommen, fir mer de Mond no engem Hunnebrôd nach méih wässereg se mâchen! Deifènker nit nach! Wainn ech mech do könnt aluode loßen! Oder wösst ech soss ent Mettel, fir geschecker-lech un den Hunn ze kommen! Ech géif mer he kropen, et könnt kaschte, wat et wellt. Den Hêr Jochem schengt mer eng gudd brâf Haut ze sin a géif um Enn, wann den Hunn durch d'Peif wiér, sech éischter iwer seng Käche löschtig mâchen, as wi iwer se jeizen. A wat sein Newéi, den Hêr Aluis, de réimeschen Dokter, derzou géif soen, dât wiér mer ganz egâl. Zapperfisek nit nach, dât wiér eng Spicht! (*Hen hölt e Schotz.*)

10. Optrett.

Léin. — Dores.

Dores. (Wann 't Léin erakömmt:) As d'Käche fort?

Léin. Wèl grad. Se as bis bei den Hingerpéitchen. Diém seng Fra besuorgt alt d'Botz an d'Wäsch am Hêrenhaus.

Dores. Wién as dât den Hêr Kulles, vun diém d'Käche geschwât huot?

Léin. Dât as dem Hêr sein Hond. Ent léift klèngt Déierche mat lange bringen Hôr a véier schloufweiße Patte grad wi Stiwelcher.

Dores. (Am Lâchen, zur Seit:) Den Hond hêscbt sicher Hèrkulès! — (Zum Léin:) Et as allzeit en drolegen Nuom fir e klèngen Hond. — An allem Fall as sou en Hêr och alt, wi ech gesin, mat der Käche geplôt, wann déi sech mat Efällegkêteen ophält. Wi kann ên esou topeg alles erausschwätzen!

Léin. Dât as och den ênzege Féhler, dié se huot. Et as her ze wuohl; a babbele muss se, wann och der Dei-wel en Af géif. Ower sôt nemmen neischt géint den Hêr, soss géif se iéch d'Ae raxdeg aus dem Kapp erauskrazen.

Dores. Et siéf dann! Wann ech over Hêr Paschtouer wiér, ech giéf se anescht weckelen. (Hen holt d'Zeitung erem an d'Hand, wann de Wibbelchen do as.)

11. Optrett.

Wibbelchen. (Mat engem schwârzen Duchpak. He schwätzt zimlech hûrteg wi ên, dién emmer presséiert as.) — Léin. Dores.

Wibbelchen. (Am Erakommen:) Hûrteg eng Frûchtdröppchen, wann iéch gelift! (He lét sei Pak op den Desch rèchts.) Ech muss gângs erem gouhn. Ech si presséiert.

Léin. (An èngems dat et de Wibbelchen op dem Desch rèchts zerwéiert:) Heielei, den Hêr Wibbelchen! A wat get Neis, iéch ze gesin? — Gesonthêt, Hêr Wibbelchen!

Wibbelchen. (*An èngems dat he wi ongedölleg hin an hiér gêht:*) Merci, Fra Léin.. — Wat soll Neis gin? Ech wêß neischt? Meng Geschäften erlabe mer nit, mech mat Neiegkêteen ôfzegin. A wann de ganze Grand-Duché géif gestuohl gin an ech dermat, da géif ech neischt anuocht huolen. Ech hun êmol ze vil am Kapp ze féihren.

Léin. Wann dât as, da gêht 't Geschäft. Do sollt der frouh sin.

Wibbelchen. Dât sin ech och; ower wann ech mat menge Stöfter aus engem Haus an dât anert rënnen, fir e Kostüm ze verkafen, da get et nach Lèd, déi mèngen, ech hätt eng Mass Zeit iwreg, fir och hir Kommissiounen ze mâchen.

Léin. Wi mèngt der dât, Hêr Wibbelchen? Der könnt jo engem Mensch e Gank spuoren, wann et iéch an èngems gêht.

Wibbelchen. Gewess! Dann dun ech et och giér; wèl e Geschäftsmann muss fir gudd ze mâchen, frentelech a gefälleg sin, wou he kann. Ower do kommen ech uowen zum Duoref eran a soll nun nach ennen un't Enn bis an Zêre lafen, fir der Kächen ze soen, den Hêr wiér am Dal beim Hêr Paschtouer agekéihert, a se braicht hen eréischt fir âcht Auer z'erwârden. An ech, ech hun nach völleg hei uowen am Duoref ze dun.

Dores. (*Zur Seit:*) Opgepasst! Do könnt um Enn nach èppes fir mech gin.

Wibbelchen. (*Zum Dores:*) Hut der mat mir geschwât, Hêr? — Gewess get et emmer Lèd, déi onverstänneg sin. Ech géif och alt neischt soen, wann den Hêr schon eng Zutang bei mer hätt mâche geloß.

Dores. Jo, mei léiwe Mann, dât as alt esou eng Sâch. Déi géschtlech Hêren hun e besonnesche Schnèdder fir hir Sâchen.

Wibbelchen. Abé, da sollte s'och e besonnesche Kommisiounemächer hun. (*Hen drenkt seit Gliés'chen aus.*)

Dores. Natîrelech! Dât as klôr wi hèlle Béier.

Léin. Wesst der wat, Hêr Wibbelchen? — Git êre Ge-

schäfte no, da mächen ech d'Kommissioune fir iéch.
Wiért der nemmen e puor Minutten éischter komm,
du war d'Käche sèlwer hei.

Wibbelchen. (An èngems dat he sei Pak hölt a bezilt:)
Wann iéch gelift; Fra Léin!

Léin. Merci.

Wibbelchen. (An èngems dat hen op sei Pak weist:)
Braucht dir neischt?

Léin. Hot nit, eng aner Kéiher.

Wibbelchen. (Am Gouhn:) Da vergiéßt der d'Kommissioune bei dem Hêr Paschtouer nit?

Léin. Fiércht nit, Hêr Wibbelchen! Se get gemäht.

Wibbelchen. Dajé, a merci! (*Zum Dores:*) Arwoar Hêr!
(*Oft.*)

't Léin gëht mat hem ôf.

Dores. Arwoar!

12 Optrett.

Dores. — (Gleich derno) Léin.

Dores. Kreizbén a kënt Enn! De Wibbelche koum wi geruff. Wann ech elo den Hunn nit vum Babeléi erwischen, éiher den Hêr erem as, da well ech Houpéitchen hëschen. (*He mecht sech prêt fir ze gouhn, schnallt de Rucksak op de Bockel a.s.v.*)
Iwerdiém kömmt 't Léin.

Léin. (Am Erakommen:) Git der, Hêr?

Dores. Et get Zeit. — Wann iéch gelift! (*He bezilt.*)

Léin. Merci Hêr.

Dores. De Wibbelchen schengt mer e korjéißen Apostel ze sin.

Léin. De brâfste Mensch vun der Wëlt; ower wibblech wi eng Iérbes an der Wâl.

Dores. Wunnt de Paschtouer weit vun hei, dass de Wibbelchen esou vil Gedengs gemäht huot?

Léin. (An èngems dat et bei d'Fenster gëht:) Der gesit
't Haus vun hei.

Dores. Ah? (*He stèllt sech bei 't Léin.*)

Léin. (*An èngems dat et durch d'Fenster weist:*) Kuckt!
Dât lëscht Haus rèchts mat dem decke Lannebâm
virun der Dîr; dât as an Zêren.


Dores. (*An èngems dat he méih an d'Mett vun der Zén gêht:*) Abé, Madame, mei Wé gêht do lânscht. Ech
mâchen dem Wibbelche seng Kommissioune fir iéch.
Mir gêht et an èngems.

Léin. Hêr, der sit ze vil frentelech. Ech sin ower frouh a
soen iéch merci; wèl wann ech gâng wiér, hätt 't Babeléi
mech nach opgehâl. An allem Fall hätt ech 't Haus
missen zouspiéren; an dât as neischt fir ent Wîrthaus.

Dores. Bleift dir rouheg dohêm a versuorgt êrt Geschäft.
D'Käche wérd iéch muor scho soen, dat ech meng
Sâch gudd gemâht hun.

Enn vum 1. Akt.

De Vîrhank gêht erôf.



II. Akt.

*Stuff am Hêrenhaus. Eng Fenster as an der rèchter Sei-
wand, an eng aner lenks an der Hannerwand. Virun
der Fenster an der Hannerwand stêht en Deschelche
mat engem Blummestack. Virun der Fenster an der
Seitewand stêht och en Deschelche mat enger Wâs
voll Blummen. Rèchts un der' Hannerwand stêht e
Schreifdesch mat enger Retsch Bicher. Op dem
Schreifdesch leien e Brewéier an eng Hêremitzchen.
Iwer de Bicher stêht op engem Postamènt un der
Mauer d'Statuët vun der Muttergottes. Driwer hänkt
e Kreizefex. Hèlleg Biller hänke ronderem am Gemâch.
An der Mett géint d'Hannerwand stêht eng Fotèl. Dri-
wer hänkt e Vullekuoref mat engem Kanari. An der
Mett vun der Zén stêht e klenge längelzegen Desch
mat zwéi Still un de béiden Enner. Den Agank as
lenks. — Op der Seit, eng Auer.*

1. Optrett.

Babeléi.

*Babeléi. (An èngems dat et op d'Auer kuckt:) Nach e
Véirel bis sèchs. Elo wérden ons Hêre bal kommen.
Ech si vîrwetzig, fir den Hêr Aluis ze gesin. Nach sou
jonk a schon esou vil gesin ze hun, zemol Roum, wou
de Pôpst as, wou den hèlge Péitrus gefâng war a ge-
kreizegt as gin, wou sou vil Mârteler fir de Glâf hu
missee lèdden, éiher se gestuoref sin. Jé! Ech kann
nit alles ausspriéchen. Onser Hèrrgott muss hen a
senger besonnescher Gnôd hun. Ganz gewess as et
e frommen, hèlge Mann. Soll ech wîrdeg genug sin, fir
hem opzewârden a fir sei Ségen ze kréien? Wat wér-
den d'Lèd an der Kirech d'Aen opreißen, wann hen um
Altôr oder op dem Priédegtstull stêht, a wa gesôt get:*

Et as onsem Hêr sein Newéi, den allerhochwîrdegsten Hêr Aluis Jochem, réimeschen Dokter, dié vu Roum sèlwer an 't Duoref op Besuch as komm! Wat eng grouß Eiher fir d'ganz Pôr. Et get mech guor nit wonner, dat onsen Hêr sou houffreg op hen as. Wann dem Léin sein Hunn hem alt nemme gudd schmâcht! Ech mèngen, da kommen ech alt en Träpplek méih héig an den Himmel an 't Léin och. — (*Et lauscht'ert e Mon'mènt a sét dann:*) Et as emmescht an 't Haus era komm! Wié soll dât sin? (*Et klappt ên un der Dîr.* — *'t Babeléi rift:*) Herein!

2. Optrett.

Dores. — Babeléi.

Dores. (Mam Rucksak op dem Bockel a mat der Kâp op dem Kapp. Am Erakommen, frentelech:) Bejûr, Kächen! Oder soll ech soe Joffer Babeléi?

Babeléi. Bejûr, Hêr!! (*Schimmeg:*) Der könnt soen, wi der wollt; ênt as 't anert wiért. — Ower, sôt, der kommt an 't Haus, ouhni ze schèllen, vleicht fir mam Hêr ze schwätzen. Hen as nit dohêm.

Dores. (He schmunzelt:) Ech wêß et; ech sin et ower.

Babeléi. (Verwonnert:) Sou? — Wi mèngt der dât?

Dores. Bekuckt mech emol gudd! — Kènnt der mech nit? Huot den Hêr iéch këmol èppes vu mer gesôt?

Babeléi. Ech wösst nit; an ech wêß och nit, wién der sit.

Dores. (Am Lâchen:) Déi do as gudd! Da rôdt emol!

Babeléi. Do as sech neischt ze roden. Sôt mer léiwer, mat wiém ech d'Eiher hun ze schwätzen; dann as d'Sâch den Ableck gehâl. Den Hêr as an e puor Minuten erem; da kann ech hem soen, wién do as.

Dores. Der îrt iéch, Joffer. Den Hêr kömmt eréischt um âcht Auer.

Babeléi. A wi könnt dir dât wissen? As èppes geschit?

Dores. Abé, ech muss iéch soen, wién ech sin; da gesit der gleich, dat et as, wi ech soen.

Babeléi. (*Zur Seit:*) E frentlechen an e spaßegen Hêr!
(Zum Dores:) A wié sit der dann, wann iéch gelift?
 Ech si vírwetzig.

Dores. Abé, Joffer, ech sin dem Hêr Paschtouer sein Ne-wéi, den Hêr Aluis Jochem vu Roum.

Babeléi. (*Fiéhrt zeszoumen. Verwonnert:*) Ous Maria! Et as nit migelech. Et kann nit sin.

Dores. An dach as et esou.

Babeléi. Ma den Hêr Aluis as e gêschtlichen Hêr a réimeschen Dokter nach derbei.

Dores. Dât s i n ech och.

Babeléi. An zugleich e frommen an en hèlge Mann.

Dores. Sou vermessé sin ech nit, fir dât vu mer ze dènken. Ech sin en êfällegen Dinger Gottes. (*He kuckt op de Vullekuoref:*) A propos, Joffer! De Mononk sôt, der sollt nemmen nit vergiéßen, no dem Kanari ze kucken. Et wiér migelech, dat hen hem, wi e fort as gâng, kënt frescht Waßer gin hätt.

Babeléi. Dât gleicht hem! Et wiér mech wonner gin, wann hen nit un he deduocht hätt. — Ma sôt, wann dir den Hêr Aluis sit, fîr wat hut der êr gêschtliche Klêder nit un?

Dores. Ja, meng allerbëscht Joffer. dât well ech iéch gângs soen.

Babeléi. (*Zur Seit:*) Wi frentelech! Sou huot onsen Hêr mech nach këmol ugeriédt. (*Zum Dores:*) Maja, Hêr, ech si wirklech neigéireg.

Dores. Dât as wént der lânger Rés vu Roum bis hiér. Et kömmt ên durch allerlé Länner; ennerwé krit ê mat allerlé Lèd ze dun. Déi èng si frentelech an héiferlech, déi aner, grob a frèch wi Saubouhnestréih, zemol géint d'Geschtlechkêt; aner hu wuohl neischt géint e Gêschtlechen; ower se fanne sech geniéiert an hire Riéden an an hirém Bedroen, wa s'eng Zutang an hirer Gesellschaft gesin. Fir dât alles ze vermeiden, rése mer léiwer a bïrgesch Klêder. Zum aner as de Gêschtlechen sèlwer vil méih frei a senge Bewégongen a kann och bësser senge Mettelen no résen.

Babeléi. O du mei Gott a mein Hêr! Wi hätt ech dât alles könne wessen?

Dores. Dât war iéch net gudd migelech. Hei am Land brauchen d'Hêren dât och nit. 't Ländchen as ze klèng. An e puor Stonnen huot ên et no alle Seiten hin durchrést. — Ower et as gudd, dass der vun de Klêder geschwât hut. Er Fro beweist mer, dass der nit elèng eng gescheit, ma och eng verstänneg Persoun sit.

Babeléi. (Frouh:) Ah? — Firwat, Hêr Aluis? — (*Zur Seit:*) Dât huot onsen Hêr och nach këmol vu mer gesôt.

Dores. Abé, lauschtert! Wa mer a bîrgesch Klêder résen, dann duorfe mer se nemmen do undun, wou mer onbekannt sin. Dât war mat eng Hâptûrsâch, fir dat ech vîraus komm sin ouhni de Mononk. Kë Mensch hei eremmer kënnnt mech; ower wa se mech a bîrgesch Klêder mat dem Mononk gesin hätten a geséige mech muor an der Zutang, da géif et e ganze Spektakel am Duoref gin. As et wouher oder nit? (*Hen hänkt de Rucksak un de Nôl, ouhni dem Babeléi de Reck ze kéihren.*)

Babeléi. Dach Hêr Aluis. Zemol Hingerpéitches Gréit, dât alt hiér an 't Haus ârbechte kömmt, as vîrwetzig wi eng Sêchomes an huot eng Gabber wi eng Peffermillen. Déi géif am éischten ufänken ze rabbelen.

Dores. A fir dass d'Lèd guor neischt sollten an uocht huolen, hun ech souguor de Kulles bei dem Mononk geloß.

Babeléi. Dât war gudd gemäht. (*Zur Seit:*) Dié sét einfach Kulles an as kên Hondsgèck wi den Hêr.

Dores. Duorfir loßt mech vîrläfeg, éiher meint Gepäck do as, eng Zutang oder nemmen e lîchten Hausmantel vum Mononk undun; dann as déi Sâch an der Reih.

Babeléi. Dir wesst iéch gleich ze hèlfen, Hêr Aluis. Wiér onsen Hêr och alt esou behènn wi dir! Nu wârdt e bess'chen, wann iéch gelift! Dobaußen hänkt sei Mantel. Ech gin iéch dié sichen. (*ôf.*)

3. Optrett.

Dores.

Dores. (*He reift sech d'Hänn vu Fréd:*) Kerbitzki, dât as fei gâng bis dohin! Ower et muss nach bësser gouhn, fir dat ech mein Zwëck errêchen. (*He kuckt op de Schreifdesch:*) Do leit jo dem Hêr seng Mitzchen. Loß ech déi alt gleich opdun, fir dass d'Kächen nit geseit, dat ech nit geschuor sin. (*Hen dêt se op an hänkt d'Kâp bei de Rucksak.*) Zapperdjeft, déi muss mer fei gouhn! (*He kuckt ronderem:*) Et as schuod, dass kè Spiegel do as!

4. Optrett.

Babeléi. (*Mat engem Mantel um Arem.*) — *Dores.*

Babeléi. (*Am Erakommen, an èngems dat et dem Dores de Mantel récht:*) Heit, Hêr Aluis, hei as de Mantel!

Dores. (*Hen holt de Mantel:*) Merci.

Babeléi. Ech gesin, der hut d'Käppche schon op. Ech hât dobaußen derno gesicht.

Dores. Se loug do op dem Schreifdesch.
Et schellt un der Hausdir.

Babeléi. A wié soll dât sin? — (*Zum Dores:*) Dout hûrteg de Mantel un! Et könnnt ê vun Hingerpéitches sin.

5. Optrett.

Dores. — *Gleich derno 't Babeléi.*

Dores. (*Hen dêt de Mantel un:*) Loß mer emol kucken!
— Deifenker! He gêht mer wi gemôlt. Wa meng Giédel mech ewèl geséig, da géif se mèngen, ech hätt fromm Naupe krît, a se géif um Enn vu Fréd nach kri-schen.

Babeléi. (*Am Erakommen:*) Oh, wat e stozen Hêr sit der, Hêr Aluis! Wât wérd dât eréischt gin, wann der emol ê gen Zutang unhut!

Dores. Joffer, Joffer! Nom Houffert duorfe mir aner nit kucken. Wént dem Houffert as e ganzen Trapp Engel

am Ufank vun dem Hèrrgott aus dem Himmel gedämpft gin. — A propos! Wién hât geschèllt?

Babeléi. Et war de Koschter. Hen huot gefrôt, ob den Hêr nach nit erem wiér. — Maja. Der hut mer nach nit gesôt, fir wat den Hêr sou spéid nokömmmt.

Dores. Seng Passioun fir 't Kârtespil as et an der Schold.

Babeléi. Ech hu mer et gleich geduocht.

Dores. Nodiém he mech bei dem Hêr am Dal vîrgestallt hât, sôt hen: «Aluis, elo gêhs du alt vîraus wént denge wèlbleche Klêder. Mir aner loßen de Schoulmêschter ruffen a mâchen eng Partie Mensch.

Babeléi. (*Iérgerlech:*) Ent schéint Kléibliédchen, déi drei! Dié verfluchte Schoulmêschter kann all Spiller. Wa se dién nit hätten, da mißte s'um Enn vum sèlwer mat de Kârten apaken. Et as wîrklech fir béis ze gin. — A wi mâche mer elo mat dem Iéßen? Der sit gewess hongereg, Hêr Aluis?

Dores. (*Zur Seit:*) Elo gêht der Kaz de Schwanz aus!

(*Zum Babeléi:*) Abé, de Mononk sôt: «Aluis, d'Kächen huot e prächtegen Hunn vum Léin krît. — Wién as dât 't Léin?

Babeléi. Eng Witfra hei uowen am Duorf, déi bèscht Séil vun der Wèlt. Se as elèng an huot eng propper Wîrschaft, déi gudd gêht.

Dores. «A wanns de hongereg bas», sôt de Mononk, «dann esst d'alt ent Steck ouhni mech; wèl wanns d'op mech mißt wârden, da krit ech d'Kächen nach op de Pèlz; déi wârdt nit giér, zemol wou se d'ganz Zeit alles gemâht huot, fir dech gudd z'empfänken.

Babeléi. Dât as rîchteg.

Dores. Et mecht mer Fréd, fir dât vun iéch sèlwer ze héiren. De Mononk huot mer iwregens gesôt, am Kachen, am Suoden an am Broden wiér kên iwer iéch.

Babeléi. Hen huot mer dât sèlwer schon oft gesôt. Der gesit ower, wat hen drop get. Hen hält méih op eng lauseg Partie Mensch wi op de bèschten Hunn, soss kéim hen op 't manst fir siewen an nit eréischt fir âcht Auer hêm.

Dores. Ech fir meng Dél soe rîcht eraus, mir as ent klinzegt Steck vun engem gebrodenen Hunn dausendmol léiwer wi dât allerschéinst Kârtespil.

Babeléi. As dât migelech, Hêr Aluis? An ech topegt Steck stin hei ze tuddelen, aplaz iéch gângs ze zerwéiren! Abé, wârdt, et geschit den Ableck; a wann den Hêr kömmt, da kann he mâche wi he wellt. — Soll ech hiér oder an de Sälchen dècken?

Dores. Wént menger braucht der keng Emstänn ze mâchen; ech si jo nit friém.

Babeléi. Dann dècken ech hiér. Den Hêr esst och emmer an desem Gemâch an hält sech am mêschten hei op.

Dores. Et as ganz hêmlech hei.

Babeléi. Dajé! Ech si gleich fiérdeg. (*ôf.*)

6. Optrett.

Dores. Hin an 't wider 't Babeléi.

Dores. (*He gëht op an ôf. Fir sech:*) Elo kömmt de Kadett. Wann he bei mir och un eng onrècht Adrëss geréidt, dèste gréißer as d'Eiher, déi ech hem undun. E löschtege Stodènt huot fir soù èppes vil méih Gefil a Verstêhsdemech wi de gescheitste réimeschen Dokter. Ech wëtten ower, wann den Hêr Paschtouer a sein Newéi wössten, wat fir ent Spilchen hei am Gâng as, da kéime se herbei geschoss wi ent Donnerwiéder. (*He stëllt sech virun de Vullekuorf.*) Loß ech mâchen, wi wann ech nom Kanari géif kucken!

Babeléi. (*Am Erakommen, mat Deschduch, Zerwéit, Mësser, Furschêt, engem donkelfuorwegen Drenkglâs, engem flâchen Tëller an dem Ruocht Broud:*) Kuckt der no dem Kanari? (*Et dèckt den Desch.*)

Dores. Maja; 't as wént dem Waßer.

Babeléi. Et as wouher! D'Kommissioun war mer ganz durch de Kapp gâng. Wârdt dir, ech brengen elo gângs eng Tâs voll. (*ôf.*)

Dores. (*Zu de Lèd:*) Wann de Fèrd mech hei géif han téire gesin a Paschtoueschklêder a mat der Mitzéi

op der Klatz, he mißt sech jo futti lâchen; a wann he mech um Hunn geséig, da géif he soen, ech hätt et mat der Deiwel. Et as daureschuod, dat he mer nit kann nokucken; ower verziéhlt krit hen alles. Do get nach gelâcht!

Babeléi. (Am Erakommen, mat enger Fläsch Wein an enger Tâs Waßer:) Hei as 't Waßer, Hêr Aluis! (Et get hem d'Tâs a stèllt d'Fläsch op den Desch.)

Dores. Merci, Joffer. (An èngems dat hen d'Waßerfläsch vum Vullekuoref hölt:) Da loß mer kucken!

Babeléi. An diér Zeit brengen ech den Hunn. (ôf.)

Dores. Hen huot méih Waßer, wi he brauch. (Hen hänkt d'Fläsch erem un de Kuorf.) Nujé, et war och nemmen, fir der Käche Sand an d'Aen ze strêen. — Ower ech mèngen, se huot sou e klènge Pickert op den Hêr. Wa se beim Iéßen hei bleift, muss ech her emol op den Zant llen.

Babeléi. (Mat dem Hunn op dem Plättel. Am Erakommen:) Gesit der, Hêr Aluis, d'Sâch war geschwe geschit! (Et sètzt de Plättel op den Desch.)

Dores. (He fiéhrt mat der Hand iwer de Kenn:) Zappere fisek nit nach! Wat eng Pracht! 't Waßer läft èngem am Mond zasuomen.

Babeléi. (Et stèllt d'Fotèl un 't rècht Enn vum Desch a weist drop:) Da kommt, Hêr Aluis! Sètzt iéch hiér! — Jo, et as wirklech ent schéint Steck. (Et sètzt de Stull duor, wou d'Fotèl war.)

Dores. (He sètzt sech:) Merci, Joffer. — Wi as et migelech, dass de Mononk sou èppes nit méih èstiméiert! (Hen dêt d'Zerwéit un.)

Babeléi. (Schènkt dem Dores an:) Dât as et jo grad, wat mer am mëschten nit un hem gefällt, wann hen och soss de bëschte Mensch vun der Wëlt as. — Nujé, Hêr Aluis, greift zou! Loßt iéch nit fléiwen! Mâcht wi dohêm, a loßt iéch et gudd schmâchen!

Dores. Merci, Joffer Babeléi. Ech wérd scho meint Bëscht dun.

Babeléi. (Verdrösslech:) Mei Gott, wi sin ech sou ver-giéßerlech! Ech hun de Salzduobel nit mabruocht. (*Hûrteg ôf.*)

Dores. (Fir sech:) Dores, Dores, de grouße Momènt as do. Gleich ugefâng a keng Zeit verluor! (*He mecht, wi wann he géif an d'Hänn speizen, schnèdt ent Steck Broud vum Ruocht a gêht dann un den Hunn. Iwerdiém sét hen:*) A soll et dem gudden Hêr Jochem a sengem Newéi an desem Amènt nit an den Ouhren dauschen? An allem Fall, ech sin elo hei an hirer Plaz a géif mat kengem Kinek tauschen.

Babeléi. (Am Erakommen:) Wann iéch gelift! (*Et sëtzt de Salzduobel op den Desch.*) Wann der erlâbt, Hêr Aluis, (*Et weist op de Stull um lenken Enn vum Desch.*) da sëtzen ech mech hiér an halen iéch Gesellschaft.

Dores. (Iwer dem Iéßen:) Mat aller Pleséier, Joffer! Der géift mer nach vil méih Fréd mâchen, wann der géift matiéßen.

Babeléi. (Et sëtzt sech:) Danken, Hêr Aluis. Derno huolen ech eng Tâs Kafféi mat Botter oder Gebêß. Dât as mir genug. — Ma der drenkt nit, Hêr! Huolt emol e Schotz!

Dores. (Hen hölt 't Glâs:) Op êr Gesonthêt Joffer! (*Hen drenkt aus.*)

Babeléi. Danken, Hêr. (*Et schenkt 't Glâs erem voll an dêt dât all Kéiher, wann 't Glâs èggel as.*)

Dores. Meng Komplimènte fir êr Kächerei, Joffer. A men-gem Liéwen hun ech nach kèn Hunn giéß, dién esou fei préparéiert war.

Babeléi. A mir mecht et eng apârtéi Fréd, wann et iéch gudd schmâcht.

Dores. Et as wonnerlech, dass de Mononk nit méih op e rènge Maifelchen hält. Ech mèngen, hen huot och alt seng Naupen, wi ech schon obserwéiert hun.

Babeléi. Manchmol kömmt et mer vîr, as wi wann he méih op sein Hond a sei Kanari géif halen as wi op mech.

Dores. Dât ka bal nit sin!

Babeléi. Onse Kulles as wuohl en ârtlechen a getreien Höndchen; ower dass den Hêr zu engem êfällegen Hond Hêr Kulles sét, dât as e bess'chen ze vil.

Dores. Gewess! Dât as stârken Tubak.

Babeléi. An zu mir sét hen einfach Kächen; kaum êmol am Johr sét he Joffer.

Dores. (*Zur Seit:*) Dât dommt Döppen as um Enn nach jalous iwer de klèngen Hèrkulès! (*Zum Babeléi:*) Wârdt dir, Joffer! Ech wérd dem Mononk schon aner Manéire beibringen.. (*Hen drenkt aus:*) Kerbitzki nit nach, de Weinchen hei huot sech gebotzt! Dât as ent anert Gedrenks wi onsen italiéinesche Wein zu Roum. Dién huot wuohl vil Feier; ower hen as mir ze séiß.

Babeléi. (*An èngems dat et ausschènkt:*) Da wiér dié gudd fir mech; wèl wann ech Wein drenken, da muss Zocker dra sin: A wesst der, Hêr, fir erem op ons Riéd ze kommen, wann de Kulles eng Frächéi wiér, da géif den Hêr um Enn nach Joffer Kulles zu hem soen. A wiér dât nit den allergréiñten Affront fir mech?

Dores. Do as et menger sèchs gerôd, dass de Kulles e Rîdchen as.

Babeléi. An esou gèckeg wi den Hêr mat dem Kulles as, sou gèckeg as hen och mat dem Bibi.

Dores. Wién as dât de Bibi?

Babeléi. Dât as onse Kanari, dién do hänkt. (*Et weist drop.*)

Dores. Huot dién och èppes op dem Gewessen?

Babeléi. Hién oder den Hêr, et as êndun. Geïérgert hun ech mech scho genug iwer se allen zwéin. Gemèngerhand léiñt den Hêr, wann hen elèng hei am Gemâch as, de Bibi frei dran erem fléien.

Dores. As de Vilchen esou zahm?

Babeléi. Ganz zahm as hen. — Ower da beschmotzt he bal dât hei, bal dât do; an duorem kömmert onsen Hêr sech keng Fatz.

Dores. Ech géif de Vilche gleich erem aspiéren.

Babeléi. Wann den Drèck emol bis do as, dann as et ze spéid. Dènkt iéch, 't lèscht souß den Hêr um Mettegiéßen. Ech hât hem grad d'Zopp erausgeschèfft. Du koum de Bibi geflou, sètzte sech op dem Hêr sein Tèller a léiße, verèxkuséiert, eng Fläppche falen. Mèngt der, den Hêr hätt sech geiérger? — Keng Bouhn! — «Ah, Bibichen.» sôt hen, «déi Denger muss de nit ufänken!» — Hen hölt rouheg sei Lèffel a schèfft de Klömpchen aus der Zopp. — «Kerdjeft!» sôt ech, wèl ech war êmol ze vil hafteg gin, «wann ech dât gewiéscht wiér, da wiér der Deiwel las!»

Dores. Dât gesin ech vun hei.

Babeléi. Abé, den Hêr sôt: «Kächen! Schwätzt dach méih verstänneg!» — Den aneren Dâg koum den Hêr aus dem Dal, an du huot hen diém sicher d'Sâch verziéhlt; wèl se hu mech duorno allen zwéi bekuckt a gelâicht wéi d'Schèlmen. Ech hätt können aus der Haut fuohren, wi ech gesin hun, dat se och nach de Gèck géife mat mer mâchen, wou ech et jo gudd gemèngt hât. — Drenkt aus, wann iéch gelift, Hêr.
(*Et hölt d'Fläsch an d'Hand.*)

Dores. Mat Pleséier. (*Hen drenkt aus. 't Babeléi schènkt erem an.*) Abé, wesst der, Joffer Babeléi, dât Denge muss gedou kréien. Ech schwätze mat dem Mononk.

Babeléi. Sôt hem ower beileiwen nit, wat ech iéch verziéhlt hun.

Dores. Siéft rouheg a loßt mech gewiérden. Wann et neischt dingt, da git der mat mir no Roum. Do as Wein, dién as vu sech sou séiß wi Mit; an dié braucht der kèn Zocker ze dun. Der krit mat héigen Hêren, mat Beschéf, Prelaten, Kardinélen a groußen Dammen ze dun; an all si se sou héiferlech, och géint déi klèngst Lèd, dat et nit ze soen as. Jé nodié se iéch èren Alter gin, soe se: Signora Babelètta oder Signorina Babelèttina. As dat nit schéin?

Babeléi. Mei Gott, dât klengt jo wi Musek sou schéin! — Ower ech géif den Hêr trotzdiém nit giér verlossen, wèl he soss esou gudd as; a wann dir sein Newéi nit wiért, dann diérft der mer emol guor nit dervu schwätzen, fir mat no Roum ze gouhn.

Dores. Dât as do ent ganz anert Liéwe wi hei am Land an zemol hei uowen am Eislek. Alles löschtег a frouh. (*Hen drenkt aus a récht saint Glâs duor:*) Wann iéch gelift, Joffer! — 't Babeléi schènkt hem an. — Merci, Joffer. Souguor vil Hêren, aplaz virum léßen de Benedicte stell ze biéden, wi ech elo éinescht gemäht hun, sangen ent frommt Lid. (*Hen drenkt aus a lét d'Zerwéit op d'Seit:*) Abé, Joffer Babeléi, et huot mer geschmâcht wi nach nie. Ech mâchen iéch nach emol meng Komplimènten.

Et schèllt un der Hausdîr. 't Babeléi stêht op.

Babeléi. Danken, Hêr Aluis. (*Am Fortgouhen:*) Der verèxkuséiert! Et huot geschèllt. (*ôf:*)

7. Optrett.

Dores.

Dores. Ech duorf dem Babeléi nit ze vil vu Roum schwätzen, soss géif et den Hêr Paschtouer um Enn dach nach am Plang loßen, fir derdurch ze gouhn. Op sou eng Hêrekâche kann ê sech och alt nit méih verlossen as wi op en aneren Dinger. (*He stêht op a sengt:*)

Ech hun allzeit gesôt:

Vun alle gudde Sâchen,

Kann neischt mer bësser schmâchen,

Wi sou en Hunnebrôd.

Ech hu mer gângs geduocht,

Dat ech mat Kniff a Léien

Den Hunn och gleich géif kréien,

Dién ech hun ageluogt.

De gudde fëtten Hunn,

Fir aner preparéiert,

As fei bei mir logéiert;

Dem Hunn, diém as 't êndan.

Nun as he fort, den Hunn:

Ech duorf nit längter sommen;

A wann ons Hêre kommen,

Da sin ech och dervun.

8. Optrett.

Babeléi. — Dores.

Babeléi. (Am Erakommen:) O Hêr Aluis, wat hut dir eng schéi Stemm! Ech hun iéch gehéiert bis duorbaußen. Wann der de Sonndeg de Gloria ustemmt, dann halen d'Meschlercher bei der Kirech op mat Peifen a lauschteren iéch no. Ech konnt ower nit alles verstouhn.

Dores. Et war mein Deo gratias. Aplaz hen ze biéden, hun ech he gesong, an nach ewèl op Italiéinesch, wèl et mer sou gudd geschmâcht huot.

Babeléi. Der hut ower och den Hunn ernimt, an op letzburger Deitsch.

Dores. Naturelech, wèl et en Eisleker Hunn war! Un iéch hun ech och geduocht an hu gebiédt: Domine, salvam fac virginem nostram Babelèttam! Dât hêscft op Deitsch souvil wi: O Hêr, erhâl ons d'Joffer Babeléi emmer fresch a gesont! Ech hun et ower luos gebiédt; wèl et wiér vleicht nit gerôd gewiéscht, wann ê mech êren Nuom hätt héire sangen.

Babeléi. Danke vilmol, Hêr Aluis. Dir réimesch Dokteren hut ower vil méih Liéwensârt un iéch wi ons gewéih-neklech Duorfhêren, et kann ê soen, wat ê wellt.

Dores. Wié war un der Dîr? (*He sètzt sech an d'Fotèl.*)

Babeléi. Mei Gott, elo hätt ech dât bal vergiéß! Dem Hingerpéitches Gréit saint Kathrinéi as dobaußen a géif giér mat dem Hêr Aluis schwätzen. Et huot eng Kommissioun.

Dores. Da loßt 't Kand erakommen!

Babeléi. (Rift an der Dîr:) Kathrinéi, komm eran!

9. Optrett.

Kathrinéi. (Mat engem ronne pobeire Päckelchen.) —

Dores. Babeléi.

Dores. (Wann 't Kathrinéi an der Dîr as:) Da komm, meint Kand! Komm, gef mer d'Hand!

Kathrinéi. (Schei:) Ma — Hêr!

Babeléi. (Zum Kathrinéi:) Géih schéin! Fiércht nit!
 't Kathrinéi get dem Dores d'Hand.

Dores. Wiém seint Klèngt bas de?

Kathrinéi. Ech hësche Kathrinéi Hingermann. Mei Papp
 as den Hingerpéitchen, a meng Mamm as 't Hinger-
 gréit.

Dores. A wi âl bas de?

Kathrinéi. Ech hun dreizing Johr.

Babeléi. Et as dât sèchst vun enger Dosen.

Dores. (Zur Seit:) Kerdjeft, dât as eng ganz Garnisong!

(Zum Kathrinéi:) So, Kathrinéi, kanns d'och deng Ge-
 biétercher? Kanns de de Glaub-Gott-Vatter, d'zing
 Gebotte Gottes an dei Katchessem?

Kathrinéi. Jo, Hêr.

Babeléi. Oh, 't Kathrinéi kann dât alles op de Fanger. Et
 war emimer dât éischt an der Kommeounsreih.

Dores. A wat fir eng Kommissiou huos de fir mech?

Kathrinéi. (An èngems dat et dem Dores de Päckelche
 get:) Meng Mamm léibst iéch de Bejûr soen a scheckt
 iéch dât hei. Se wosst, dass der komm wiért, wèl se
 hât iéch durch d'Fenster gesin, wi der dem Kanari
 Waßer hut gin.

Babeléi. (Zur Seit:) Nu kuck, do war dât lußegt Steck vun
 engem Gréit schon duoremmer no dem Hêr Aluis
 schnöffele gâng! (Zum Kathrinéi:) A wat as an dem
 Päckelchen hei?

Kathrinéi. Eng Zoësis aus onser Hâscht fir den Hêr; an
 den Hêr, sôt meng Mamm, soll muor an der Mess sou
 gudd sin, fir en Amènt un ons ze dènken.

Babeléi. (Et hält d'Fläsch géint d'Lûcht:) Se as èggel.
 Ech gin eng aner sichen. (ôf.)

10. Optrett.

Kathrinéi. Dores.

Dores. (An èngems dat he wi mat Méih opstêht an ent
 Bild aus dem Brewéier op dem Schreiffdesch hölt.
 Hen tûrkelt eng Kéiher e Léitche beim Gouhn:) De

sés denger Mamm vilmol merci, an ech géif mâchen,
wi se gesôt huot. An dât hei as fir dech, wèls de sou
brâf bas. (*He get hem 't Bild a sètzt sech erem.*)

Kathrinéi. Merci, Hêr.

Dores. So mer emol, Kathrinéi, wat mâcht der alt owes
nom Iéßen, fir iéch alleguorten z'amesséiren?

Kathrinéi. Wa mer de grouße Plättel mat de Gerudder-
ten e puormol gefét hun, dann hale mer op. Mei Papp
stoppt seng Peif, fir ze femmen; a mir aner kucken no.

Dores. An dann?

Kathrinéi. An da gêht mei Papp an der Stuff op an ôf
an zit Sträpp.

Dores. An dann?

Kathrinéi. An da rèpst hen alt emol eng Kéiher; an da
lâche mir.

Dores. An dann?

Kathrinéi. E bess'chen duorno rèpst hen erem; an da
lâche mir och erem.

Dores. An dann?

Kathrinéi. He rèpst esou lâng, wi he kann; a wann hen
nit méih rèpsé kann, da gi mer schlofen.

Dores. Ma dann ameséiert dir iéch fein a belleg.

Kathrinéi. Jo, Hêr.

Dores. (*Zur Seit:*) Wat glecklech Lèd an hirer Einfach-
hêt! (*Zum Kathrinéi:*) Ewèl kanns de gouhn, Kathri-
déi. Mâch denger Mamm och mei Bejûr.

Kathrinéi. Jo, Hêr. (*Et mecht e Knex virum Dores; dann
ôf.*)

Dores. Donnerwiéder, könnt ech och rèpsen; et géif mer
méih lîcht gin em de Mo!

11. Optrett.

Babeléi. (*Mat enger Fläsch Wein, engem Gliés'chen an
engem Flacon Schléiwen.*) — *Dores.*

Babeléi. (*Am Erakommen:*) Hei brengen ech vum aller-
bèschten. Dién hèlft digéréiren a mecht e fèrmen a
gesonte Schlôf. (*Et sètzt alles op den Desch.*)

Dores. (*He weist op de Flacon:*) A wat as dât?

Babeléi. Dât as pure Schléiwen, dât Bèscht, wat ê sech dènke kann, fir de Mo.

Dores. Loßt mech fir 't éischt emol de Schléiwe schmâchen!

Babeléi. Mat Pleséier. (*Et föllt 't Gliéschen.*) Gesonthêt, Hêr! An duorno schmâcht der de Weinchen. (*Et schénkt 't Weiglás voll.*)

Dores. Merci, Joffer. (*He läppst eng Kéiher um Gliéschen an drenkt et dann an èngem Zock aus.*) Zapristi! — Dât as èppes Gudds, ower stârk. Domat wiér ê gleich bejipst.

Babeléi. Da versicht elo de Wein!

Dores. (*Hen drenkt. — Mat Genoss:*) Ei! — Ei! Dât gêht erôf wi gesént Lîcht.

Babeléi. Nit? — Wat hun ech iéch gesôt? (*Et schénkt 't Glás erem voll.*) A nu mâcht, dass de Wein iéch nit am Glás verlèscht, wèl, der verèxkuséiert mech, ech muss iéch eng Minutt elèng loßen.

Dores. Et as gudd, Joffer. Git dir rouheg! Ech komme schon zu Strêch.

Babeléi. Dajé! — Ech sin den Ableck erem. (*ôf.*)

12. Optrett.

Dores.

Dores. (*Hen drenkt. Seng Zong get schwéier.*) Dât as emoi — èppes Gudds. Ech — ech — ech géif diérs drenken, bis — bis meng Groußmamm séileg erem géif kommen. — Durch sou en Dronk — muss de Mensch — ouhni Féhl — gudd — gudd a — brâf gin. — Ous! — D'Ae gi mer — (*He lét d'Hänn op de Bauch, de Kapp géint de Reck vun der Fotèl a schléift. Am Schlöf otent hen eng Kéiher déif. — E Momènt drop ronkt hen emol. — Dann as alles stell. — Eng Minutt drop kömmt 't Babeléi.*)

13. Optrett.

Babeléi. — Dores.

*Babeléi. (Am Erakommen:) Ous Maria!! Den Hêr schléift.
(Et gêht bis bei den Dores a frét méih luos:) Hêr,
schlôft der? — (E Momènt drop zu de Lèd:) Währeg,
he schléift! Et as och kè Wonner no enger sou grou-
ßer Rés.*

Dores. (Am Schlôf:) Meng léif Joffer Babeléi — —.

*Babeléi. Wat gelift, Hêr? — (E Momènt drop:) Hen
drämt vu mer. Onsen Hêr as den Onverstand sèlwer.
Wi kann hen esou lâng bleiwen! Wann hen op
't manst um siewen Auer do gewiéscht wiér, da könnnt
den ârme Jong ewèl rouheg am Bètt schlafen an
d'ganz Nuocht vu mer drämen. — Wârdt dir, Hêr
Jochem, ech wérd iéch de Kiéler scho geriécht
mâchen!*

*Dores. (Am Schlôf:) O du mei léiwen Engel! Den Hunn
— ech soen der — Ha!*

*Babeléi. (Verwonnert:) Jeses! Lauschter! Wat sét hen?
— Wat fir en Engel soll dât sin?*

14. Optrett.

*Jochem an Aluis (Bloußkapp an zugleich.) — Babeléi.
Dores.*

*Jochem. (Am Erakommen, an der Dîr, halewer zum Aluis
gedréihnt, dién hannerun hem kömmt:) Da komm bis
eran an d'Stiffchen.*

Babeléi. (Zur Seit:) Mei Gott, et as nach ê beim Hêr!

*Jochem. (Zum Babeléi, an èngems dat hen op den Dores
weist:) A wién as dât?*

*Babeléi. Der braucht de Gèck nit mat mer ze mâchen;
der wesst bësser, wién et as wi ech. Wann der nem-
men eng Gretz méih Verstand hätt, dann hätt der den
ârme Jong nit esou lâng wârde gedou. Hen as vu lau-
ter Middegkêt ageschlôf.*

*Jochem. Dir sit dach net verjaust, Kächen? — Ech froen
iéch: Wién as et?*

Aluis. (*An èngems dat hen den Dores méih vun no bekuckt:*) Wann ech mech nit iren, dann as et den Dores, e löschtege Brudder an en éischte Spaßmächer. He war em déi sèlwelt Zeit zu Letzebûrg wi ech am Kolléisch. Wann he fir all Strêch, déi hen do geliwert huot, hätt misse quèllen, da wiéren nit Donneschdeger genug am Johr gewiéscht, a wann ên d'Sonndege an d'Houfèstdég nach matgeziéhlt hätt. Ech wètten, dat hen hei och èng gespilt huot.

Babeléi. (*Zum Aluis:*) A wié sit dir dann, Hêr?

Jochem. Et as mein Newéi, den Hêr Aluis.

Babeléi. (*Verwonnert:*) Gott am Himmel! Wi as dât migelech? (*Et weist op den Dores:*) An hié sôt, hié wiér et. Jéremessen! Wat gin ech elo mâchen? Hen huot den Hunn beino ganz am Leif! (*Zur Seit:*) An ech dommt Betschél wiér um Enn nach mat dem schlèchte Kiérel no Roum gâng!

Aluis. Wat as dât mat dem Hunn?

Babeléi. Jo, Hêr! Ech hun hem he sèlwer.zerwéiert. Oh, wat sin ech geklakt!

Jochem. Hun ech iéch nit nach fir e puor Dég gesôt, der krít nach eng Kéiher de Brôd aus dem Döppé gemaust? Elo hu mer et. Miérkt iéch d'Lèktioune!

15. Optrett.

Léin. — *Jochem.* *Aluis.* *Babeléi.* *Dores.*

Léin. (*Et bleift an der Dîr stouhn, frédeg:*) O Gott, Hêr, do sin ech frouh, dass der do sit!

Jochem. Wat as da geschit, Léin? Kommt bis eran!

Léin. (*Am Erakommen:*) De Wibbelche war am Nometteg dohêm a sôt, der kéimt eréischt um ácht Auer hêm mat èrem Besuch. An elo éinescht huot Hingerpéitches Gréit zu mer gesôt, de jongen Hêr wiér ganz elèng komm. Ech hun Doudängsten ausgestâng, et könnt iéch èppes geschit sin.

Dores. (*Am Schlôt:*) Joffer Babeléi, wann iéch gelift!

Babeléi. (*Zur Seit:*) Géif den abscheileche Mensch alt nemmen de Mond halen!

Jochem. (*He weist op den Dores:*) Do as den Hêr, dié komm as a sech fir mein Newéi aus huot gin. (*He weist op den Aluis:*) An den Hêr hei as den Hêr Aluis.

Léin. (*Et mecht e Knex virum Aluis a bekuckt den Dores méih genä:*) Dât do as e Stodènt; he war am Nometteg bei mir dohêm am Haus an hätt giér e gebrodenen Hinche giéß; wann ech ê gehât hätt.

Aluis. A wi as he gewuohr gin, dat e gebrodenen Hunn hei am Haus wiér?

Léin. Lauschtet, Hêr! Dât gung esou: Duorno koum d'Joffer Babeléi, a mer hun do beim Comptoir sou vun dem Hunn geschwât, dién d'Käche vu mir krît a fir êre Besuch préparéiert hât.

Babeléi. (*Et weist op den Dores:*) An hié war et, dién op der aner Seit vum Comptoir hanner enger Zeitong souß?

Léin. Hié sèlwer. — Kaum war d'Käche fort, du koum de Wibbelchen a sôt, hen hätt d'Kommissioun krît, fir am Hêrenhaus ze soen, der kéimt allen zwéin eréischt um âcht Auer hêm.

Jochem. Dât stemmt.

Léin. A wèl de Wibbelche keng Zeit hât, fir bis erôf an 't Duorf ze lafen, hât ech d'Kommissioun op mech gehol. Am Fortgouhn ower sôt de Stodènt, ech sollt rouheg dohêm bleiwen a meint Geschäft versuorgen, hié mißt hei lânscht gouhn, an he géif d'Kommissioun fir mech mâchen, him ging dât an èngems. Ech war es giér zefriden a si blief.

Aluis. Du hätt den Deifènker d'Spicht schon am Schna.

Babeléi. (*Zum Aluis:*) A koum an huot sech fir iéch ausgin. Hen huot esou fromm dra gekuckt a sou helle geschwât; der hätt e Rousekranz un he geréihert.

16. Optrett.

Quiéreng. — *Léin.* *Jochem.* *Aluis.* *Babeléi.* *Dores.*

Quiéreng. (*Am Erakommen:*) Hêr Paschtouer, ech hun 't Gepäck bruocht. Et stéht dobaußen am Hausgank.

Aluis. (*Hen zit de Portemonn  i:*) Da w  rdt, ech bezuohlen
i  ch gleich.

Qui  reng. Et as neischt, d  t press  iert, H  r.

Dores. (*Am Schl  ft:*) Domine, salvam fac virginem nos-
tram Babel  ttam!

Qui  reng. (*Mat h  rder, graffer Stemm, dass den Dores
erw  acht:*) Deo gratias!

Babel  i. (*Schimmeg. Zur Seit:*) Gott, o Gott, d  t huot
nach gef  hlt!

L  in. (*Zur Seit:*) Ous Maria! He schw  tzt latengesch wi
den H  r Paschtouer um Enn vun der Mess.

Dores. (*He reift sech d'Aen. — Verwonnert:*) Ous! —
't L  in! — 't Babel  i an de Qui  reng! A wou der Dei-
wel sin ech?

Jochem. Bei mir an Z  ren.

Dores. (*He st  ht op an h  lt d'Mitz  i an d'Hand:*) Ver  x-
kus  iert, H  r Paschtouer! Da wesst der och, wat ge-
schit as. Ech hun den Hunn gi  dlech erwescht; ower
bei all menger Fr  d hun ech 't Fortgouhe vergi  ß.
Mat   rem pr  chtege Wein an   rem gudden ale Schl  i-
wen h  t d'Joffer Babel  i mech un d'Fot  l f  stgel  mmt.

Babel  i. (*Zum Dores:*) Et as nit gi  r geschit, H  r Sto-
d  nt!

Jochem. Et war e l  schtegen Stod  ntestr  ch an eng gudd
L  ktiouun fir d'K  chen.

Dores. Da sit der ower nit b  is, H  r Paschtouer?

Jochem. (*He get dem Dores d'Hand:*) Nit am geringsten;
ower m  cht mer d'Ples  ier a bleift hent mei G  scht.
Da verzi  hlt der ons bei enger gudder Fl  sch Wor-
meldenger Knippchen, wi der d'K  che bel  ffelt hut.

Dores. Ganz gi  r, H  r Paschtouer.

Babel  i. (*Zum Dores:*) S  t ower nit alles, H  r Stod  nt!
Ech bi  den i  ch.

Jochem. Der braucht neischt ze fierchten, K  chen. Er
Senne sin i  ch am v  raus verzieh.

Dores. (Zum Jochem:) A fir iéch z'èntschiédegen, Hêr Paschtouer, gin ech iéch dât hei als «Ersatz» fir den Hunn. (*He get hem d'Zoßis.*)

All zesiomen. (Sangen:)

Wann ê sech guddt Geblitt wellt mâchen,
Da get bal det, bal dât erfonnt;
Ma do as neischt wi Spaß a Lâchen
Fir Gêscht a Kiérper sou gesont.
Dié spaße wellt, muss spaße können,
A muss och könne Spaß verdrôn;
Wou nit, da muss he, wi seng Sennen,
Wat hié fir Spaß hält, oft beklôn.

Jo, lâcht a spaßt, a spaßt a lâcht,
A lâcht a spaßt, sou lâng et schmâcht!

E wellt e Strêch dem ânre spinnen;
De Muttwell war nach emmer las;
Ma allemol, do muss ê fillen,
Dass d'Absecht kêmol uoreg as.
An dién de Lèd kann ôfgewinnen
Eng domm Gewunnecht, wi et hêschts,
Do as kèn Zweiwel, dat hen hinnen
Sou niéwebei en Dingst nach lêschts.

Jo, lâcht a spaßt a.s.w.

A wells d'e löscht'ge Strêch mol spinnen,
Da mâch och, dat he ganz geréidt;
Wèl an diér Sâch as't wi bei villen,
En zwêten Ufank kömmt ze spéid.
Kuck! bleifs de an dem Spilchen hänken,
Sou dass deng Sâch net vîru gêht,
Da get um Enn, de kanns wuohl dènken,
De Gèck och nach mat dir gemäht..

Jo, lâcht a spaßt a.s.w.

ENN VUM STECK.

De Virhank gêht erôf.

Geschrieff den 9. yum Hârdmount 1919.